

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach (par Mme Agny Durdu) et Xavier Bettel (par M. John Schummer);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jeannot Krecké), Mme Marie-Josée Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par Mme Delvaux-Stehres) et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

4. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

M. le Président.- Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 4848 iwwert de Budget vum Joer 2002 an d'Resolutiounen an d'Motiounen, déi während de Budgetsdebatten déposéiert goufen.

Mir maache fir d'éischt d'Lecture vun den Artikelen vun der Loi budgétaire a mir stëmmen doriwwer of. Ech wëll awer drop opmierksam maachen, dass den Texte coordonné vum Budgetsprojekt un d'Deputéierte verdeelt gouf als Annexe vum Rapport complémentaire vun der Finanzkommissioun. E steet am Dokument 4848⁹. Déi verschidde budgetär Kreditter an Dépensen als Annexe zum Texte de loi gehéieren zum Artikel 1.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

Den Artikel 1 ass gelies. Mir stëmmen awer net driwwer of bis zum Schluss, well den Artikel 1 d'Gesamteresultat vum Budget erëmgeëtt.

D'Artikelen 2 bis 43 gi gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert den Artikel 1 of, deen am Ufank virgedroe ginn ass. Hëlt d'Chamber den Artikel 1 un?

(Assentiment)

Den Artikel 1, an deem de Budget säin Néierschlag fënnt, ass ugeholl.

Mir maachen de Vote vum gesamte Projet de budget.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet 4848 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 34 Jo-Stëmme géint 26 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Ady Jung), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Maggy Nagel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Er (par M. Lucien Lux), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zu de Motiounen, déi abruucht gi sinn.

Motions

Mir stëmmen iwwert d'Motioun 1 of, déi vum Här Jeannot Krecké abruucht ginn ass. D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech brauch am Numm vu menger Fraktioun net weider op den Detail vun där Motioun anzegoen, well mer an der Motioun dat ausdrécken, wat eis Riedner zum Budget gesot hunn. Ech entschëllege mech fir meng Stëmm, ech hu mech e bëssen erkaalt.

Wa mer um Enn vun der Motioun soen, dass mer eppes regrettéieren a virun allem der Regierung wëlle soen, si soll endlech déi noutwendeg Reformen an d'Wee leeden, dann ass dat, well eenzel Leit an der Regierung, déi nach net esou laang dra sinn – haaptsächlech viséiere mer déi mä och déi aner –, an haaptsächlech do den Här Schaack, deen eng Äntwert ginn hat op Pisa II, wou hien näischt Besseres fonnt hat, wéi ze soen, dat war déi Regierung vu virun.

Mir hunn iergendwa missen der DP soen, dass, wa si et nach net gemierkt huet – d'Land huet et iwwerens och nach net gemierkt –, mir et awer gemierkt hunn, dass si elo 2 1/2 Joer an der Regierung sinn an dass si musse Responsabilitéiten iwwerhuelen. Dozou just d'Beispill vu Pisa II, wou den Uschloss vun de Statsverwaltungen op den Internet an där Etüd ganz schlecht do steet. Dat fir ze weisen, wéi Leit scheinbar net verstinn, ëm wat et geet. Dat gëllt op alle Fall fir de Statssekretär.

Et ass een Engagement, wat d'Regierung am Mäerz 2000 geholl huet. Ech hat d'Impressioun, dozou wär d'Regierung schonn eng Kéier zesummekomm a si wéissten, dass et DP-CSV wär. Och de Statssekretär misst dat wëssen. Dat ass een Engagement fir d'Joer 2000, an dat Engagement muss Enn 2002 e Resultat hunn. Enn 2002 gëtt gekuckt, wéi wäit mer sinn. Sait deem Engagement hu mer geschwënn 1 1/2 Joer verluer an ech héiere vum Statssekretär, dass hien elo eréischt virleet, wat hie wëlles huet ze maachen.

Mat Sécherheet, soen ech lech Här President, brénge mer et net fäerdeg, een anstännegt Resultat ze kréie fir en Engagement, wat dës Regierung am Mäerz 2000 geholl huet.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här Krecké, Dir hätt Är Stëmm solle schounen, well dat do hu mer gëschter schonn alles héieren.

M. le Président. - Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 1.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 1 ass mat 34 Stëmme géint 19 bei siwen Enthaltungen ofgeleent ginn.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Camille Gira), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Ady Jung), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer).

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir maachen de Vote iwwert d'Motioun 2, déi vum Här Garcia abruecht ginn ass.

Vote

Déi fir d'Motioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass mat 58 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm bei enger Enthaltung ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

A voté non: M. Alexandre Krieps.

S'est abstenu: M. Emile Calmes.

D'Motioun 3 ass och vum Här Robert Garcia abruecht ginn. Mir stëmme par main levée of.

Vote

Wie fir d'Motioun 3 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 3 ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zur Motioun 4, déi vum Här Jacques-Yves Henckes abruecht ginn ass.

D'Wuert huet den Här Minister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, ee Wuert zu där Motioun. Déi do Problematik ass vun der Regierung net eréischt entdeckt ginn, wéi se dës Motioun gelies huet, mä d'SNCI ass amgaang, e sou genannte Prêt de démarrage auszeschaffen, deen notament fir déi do Firmaen a Fro kënnt a se mengt, dass se am éischten Trimester vum nächste Joer mat deenen diesbezüglichen Dispositiounen fäerdeg wär. Et gi strikt Konditiounen dra geschriwwen.

Et ass eng Saach, fir jonk Entrepreneuren ze ënnerstëtzen, mä déi aner ass, dass mer mussen oppassen, dass mer duerch méi eng grouss Ënnerstëtzung, déi wuel noutwendeg ass, awer net lauter Betriber kréien, déi herno d'Zuel vun de Failliten nach eropsetzen. Dofir mussen och Businesspläng virgeluecht ginn an ähnlech Saachen.

Ech wëll soen, dass dat, wat hei gefuerdert gëtt, d'Regierung schonn annoncéiert huet, dass se dat mécht an déi Aarbechte virun hirem Ofschloss stinn. Déi Motioun ass sans objet, well dat um Lafen ass.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wëll just drop hiweisen, dass ech ganz frou sinn, fir déi Noriicht do ze héieren, déi ganz nei ass fir jiddfereen, souguer fir d'Chambre des Métiers, déi an hirem Avis zum Budget gesot huet, dass se déi Fuerderung géng stellen. Ech mengen, dass wann et souwéissou soll geschéien, da wär et jo och liicht, fir déi Motioun unzehuelen.

M. le Président.- Mir stëmmen of.

Vote

Déi fir d'Motioun 4 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 4 ass mat 34 Stëmmen géint 13 bei 13 Enthaltungen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Niki Bettendorf).

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).

Mir kommen zur Motioun 5, déi vum Här Henckes abruecht ginn ass. D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt drop hiweisen, dass dat elei ebenfalls eng Fuerderung vu professionelle Kreesser ass, déi och gären an dee Circuit vu Commercialisatioun a Promotioun vun de Produits alimentaires mat erakéimen. Dofir géng ech d'Chamber bidden, dës Motioun ze ënnerstëtzen, well déi Fuerderung schéngt mir absolut berechtegt.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, ech wëll just preziséieren, dass dat, wat hei gefrot ass, zum Deel net méiglech ass, zum Deel och scho virgesinn ass an de Bestëmmungen, déi notament d'Loi-cadre vum Ministère vun de Classes moyennes virgesäit. Et kléngt gutt. Et kann een ëmmer fir alles eppes méi fuerderen.

Hei sinn zwou verschidde Saachen. Engersäits d'Investisementer, wou et europäesch Bestëmmunge gëtt. Esou sinn d'Investissements au niveau du commerce de détail vun der europäescher Reglementatioun ausgeschloss. Et kann een net eppes fuerderen, wann et net geet.

Wat déi aner Régimes de subventionnement betrëfft, esou sinn déi schonn a Bestëmmunge vu Lëtzebuerger Gesetzter vum Mëtzelstandsministère virgesinn. Dat gëllt fir verschidde Produkter, déi och vun deene Berufsständ, déi hei opgefëiert sinn, commercialiséiert ginn. D'Regierung ass der Meenung, obwuel dës Motioun inhaltlech gutt kléngt, dass dat, wat hei gefuerdert gëtt, engersäits net geet wéinst den europäesche Bestëmmungen an andersäits ass et scho virgesinn an Texter.

M. le Président.- Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wëll soen, dass mer jo net eng Subsidiatioun vu Produkter froen, mä just dass bei der Commercialisatioun an der Promotioun eng Ënnerstëtzung ka gefrot ginn. Dat ass ablécklech all deene Beruffer, déi hei betraff sinn, duerch Gesetz verbueden. De Ministère des Classes moyennes huet dat bis elo net accordéiert. Mir hätte just gären, dass et geschéie soll.

Et soll iwwert de Ministère de l'Agriculture gemaach ginn, mä dee mécht et net, dofir hätt ech gären, dass de Minister soll opgefuerdert ginn, déi Méiglechkeet ze schafen.

Déi Leit, déi d'Budgetsdokumenter gesinn hunn, wëssen, dass dat eng Fuerderung ass, déi am Laf vun de Budgetsdebatte gestallt ginn ass. Déi professionell Milieue wëssen, dass dës Fuerderung berechtigt ass, an dofir géif ech nach eng Kéier d'Chamber bieden, fir dës Motioun positiv Rechnung ze droen.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert d'Motioun 5 of.

Vote

Déi fir d'Motioun 5 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 5 ass mat 35 Nee-Stëmme géint 13 Jo-Stëmme bei zwielef Enthaltungen ofgeleent ginn.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Fred Sunnen), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Jeannot Belling);

M. Lucien Lux.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).

Mir kommen zur Motioun 6, déi och vum Här Henckes abruecht ginn ass.

D'Wuert huet den Här Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, ech wëll soen, dass ech déi Iddi fir Pépinières d'entreprises scho laang ënnerstëtzen. Si huet gutt Resultater am Ausland bruecht.

Et geet awer net nëmmen drëm, fir ënner anerem Lokaler fir jonk Leit zur Verfügung ze stellen, déi nei Iddien hu fir nei Produkter, mä doriwwer eraus och fir Installatiounen zur Verfügung ze stellen, zum Beispill e Maschinnepark. Op der Nanzeger Universitéit existéiert esou eppes. Bei eis kënnt de Centre national de la formation professionnelle continue déi Aufgab iwwerhuelen. Deen ass gutt ausgerüst, wat de Maschinnepark ubelaangt, wou Leit, déi nei Iddien hu fir nei Produkter, kënnten hir Prototypen hirstellen a kucken, wéi se eventuell um Maart zurecht géinge kommen. Ech ënnerstëtzen dofir dës Motioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Emile Calmes.

M. Emile Calmes (DP).- Här President, ech wëll kuerz d'Wuert huelen, well ech mengen, dass mat dëser Motioun oppen Dieren ageschloe ginn.

Net méi spéit wéi virun zwee Méint hu souwuel den interkommunale Syndikat aus dem Klierfer Kanton wéi och dee vum Réidener Kanton an hiren jeweilegen Industriezonen ugefaangen, esou Gebaier opzeriichten, déi spéiderhin als Pépinières d'entreprises, respektiv Bâtiments relais kënne gëllen.

Hei ass de Prinzip deen, dass jonk Entrepreneuren zu engem reduzéierte Loyer eng gewëssen Zuel vu Metercarreën innerhalb vun enger Hal kënnen ulounen an dat fir dräi Joer. No dräi Joer mussen se sech dann decidéieren, ob se déi Gebailechkeete wëlle kafen. Si kënnen awer och zwee Joer am Loyer verlängert ginn, mä et huet deen Avantage, dass dee Loyer, dee bezuelt ginn ass an deene Joren, wou déi Gebailechkeete vun hinnen occupéiert gi sinn, hinne beim Ukaf ugerechent gëtt. Verloosse se d'Gebai, kënne se selbstverständlech och een Terrain an där Industriezon kréien.

Dat Ganzt gëtt ënnerstëtzt opgrond vun engem europäesche Programm, deen "Objectif 5" heescht, an dee sech mat 25% un de Käschte bedeelegt bis zu enger gewësser Héicht, an op där anerer Säit vum Wirtschaftsministerium, deen dann déi aner 25% iwwerhëlt. Déi 50% déi bleiwen, déi ginn u sech als Loyer vun de Gemenge verrechent. Wéi gesot, oppen Dieren.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Wuert huet nach eng Kéier den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, ech weess, dass et ganz richteg ass, wat den Här Calmes hei gesot huet. Ech fannen déi Iddi och dofir ganz gutt.

(Interruptions)

Dat wat mer just hei verlaangen ass, datt d'Regierung iwwert den Innenministère de Gemenge schreift, fir déi Iddi do ze promouvéieren, well et si ganz wéineg Gemengen déi op dee Wee higaange sinn. An dat war och d'Iddi, déi vun dem Milieu professionnel gefrot ginn ass.

M. le Président. - Den Här Sunnen huet nach d'Wuert gefrot.

M. Fred Sunnen (CSV). - Här President, ech wollt dat bestätegen wat den Här Calmes gesot huet.

Virun e puer Wochen hunn déi dräi Gemengen: Esch, Monnerech a Suessem, an der Zone "Zare" och e Bâtiment relais, also eng Hal kaaft, fir eng jonk Entreprise dranzesetzen. Déi fänkt den 1. Januar un.

Sou dass dat doen iwwerflësseg ass wat den Här Henckes freet.

(Interruptions)

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Minister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, et ass hei wéi bei där Motioun virun.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Den Här Minister huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Et gëtt eppes gefuerdert, wat entweder net geet oder schonn do ass.

Ech wëll dat hei nach eng Kéier ënnersträichen, den Här Calmes huet dat excellent beschriwwen, wat do scho besteet. Et gëtt dat op verschiddene Plazen am Land. Ech wëll als Budgetminister soen, datt mer och am lafende Budget ee Kredit an zwee Ministèreen duerfir stoen hunn. Deen ass dëst Joer 200.000 Euro an am Joer 2002 – an deem Budget, deen der elo grad gestëmmt hutt – 175.000 Euro héich.

Par ailleurs, mengen ech, datt d'Gemengen déi Dispositionen hei gutt kennen an datt d'Gemenge scho wëssen, wat hir Aufgaben an hir eege Responsabilitéit an deem Domän sinn.

M. le Président. - Mir stëmmen also elo of iwwert d'Motioun 6, wéi se explizéiert ginn ass.

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Nee.

D'Motioun ass verworf mat 35 Nee-Stëmmen, 14 Jo-Stëmmen an eelef Abstentionen.

Ont voté oui: M. Jos Scheuer;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel);

M. Lucien Lux.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).

Mir kéimen dann elo zur siwenter a leschter Motioun. Dat ass déi vum Här Koepp iwwert d'Subsiden un d'Amiperas.

Motion 7

Den Här Minister Frieden freet d'Wuert.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Lauschtert dach no! D'Sitzung ass nach net fäerdeg. Ech géing lech bidden opzepassen. Et gëtt ofgestëmmt an herno weess kee méi wou en drun ass.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing d'Chamber bidden, déi dote Motioun net ze stëmmen, well ech fannen et schlecht wann ee sech eng Organisatioun eraushëlt – déi eng ganz valabel a gutt Aarbecht mécht; dat wëll ech ausdrécklech hei soen, fir datt dat net falsch verstane gëtt – an da seet: Mir hätte gär méi Subsidë fir déi.

Mir hunn am Budget Honnerte vun Organisatiounen a verschiddene Ministèreen, déi Subsidë kréien. Wann d'Parlament ufänkt, fir all déi Organisatiounen eng Augmentatioun vum Subside ze froen, da brauche mer éischstens 300 Motiounen an zweetens mécht dat jo

einfach kee Sënn, well de Budget ass ee Ganzt. Mir musse verschidde Politikberäicher ënnerstëtzen. A fir sech hei einfach bei engem Club beléift ze maachen, andeem ee seet: "Mir hätte gär méi Subside fir déi Associatioun", dat fannen ech einfach eng schlecht Method.

Ech wëll awer hei och soen, wat de Budget ubelaangt, datt am lafende Joer och d'Ausgabe fir d'Amiperas méi héich gi sinn. D'Amiperas kritt ee Subside vun 2,2 Milliounen Frang; se kritt e konventionéierte Posten, deem 2,2 Milliounen Lëtzebuerger Frang am Budget ausmécht a se kritt 3,75 Poste fir e sou genannte "Club Senior", deem se géréiert. Dat si 5,9 Milliounen Frang.

Hei gëtt valabel Aarbecht gemaach fir den drëtten Alter. Déi gëtt vun der Regierung ënnerstëtzt, mä ech bieden d'Parlament, keng Motioun ze stëmmen, wou enger Organisatioun hir Subsidë gehéicht ginn, well soss géing ech wierklech d'Kollege bieden, datt mer emol eng Kéier all d'Organisatiounen kucken an dann doriwwer och nach 300 aner Motiounen zur Diskussioun stellen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Koepp huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Koepp (ADR).- Ech wollt dem Här Minister soen, datt d'Amiperas awer kee Club ass. Dat ass eng Organisatioun, déi...

(Interruptions)

...iwwer 23.000 Leit beherbergt an ech hat de "Club", wéi Dir en nennt, sechs, siwen, aacht Joer bei mir doheem, ier se ee Sall haten zu Housen. Ech krut dunn ëmmer gesot – an ech hunn och nach Famill, déi am Sekretariat selwer schafft –, et wier haarsträubend, datt si net méi ënnerstëtzt géife gi fir déi Aarbecht, déi se maachen.

Den Här Minister sot jo elo, et wäere sechs Milliounen zur Verfügung gestallt ginn. Mir wëllen déi Motioun awer zur Ofstëmmung bréngen.

(Interruptions)

M. le Président.- Mir stëmmen also doriwwer of.

Ah, entschëllegt. Den Här Krecké freet d'Wuert nach.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, mir wäerten eis beim Vote enthalen.

Mir sinn der Meenung, dass d'Amiperas effektiv verdéngt ënnerstëtzt ze ginn. Mir apprécieieren hautement wat se mécht, mä do gëtt et eng Prozedur hei an der Chamber dass, wann ee gären ee Kredit an d'Luucht gesat wëllt hunn, een dann en Amendement eragëtt an da gëtt doriwwer ofgestëmmt...

(Interruptions)

..., an dofir wäerte mir eis enthalen.

(Interruptions)

Da musst Der eben higoen...

(Interruption)

Ma ja. Da musst Der higoen an deen Artikel an d'Luucht setzen ëm déi Zomm, déi noutwendeg ass.

(Interruptions)

Dir huet enger anerer gären eppes ewech; domat si mir net d'accord.

Mir wäerten eis Abstentioun ginn a beweisen, dass mer wuel d'Amiperas ënnerstëtzen, mä dass déi Prozedur, déi Dir gewielt hutt, falsch ass.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dat ass net wouer, Här Krecké! Et ass ee Crédit non limitatif.

M. le Président.- D'Wuert kritt den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Jo, Här President, ech fannen och, datt eigentlech d'Budgetsdebatten an de Budget als solches net duerfir do sinn, fir all eenzelen Organisatiounen, esou louabel wéi deenen hir Aarbecht och ass, nach zousätzlech eenzel Kreditter ze ginn.

Mir hätten als Gréng sécher och nach eng Lëscht vu 15 Organisatiounen, wou mir fannen, déi misste méi Sue kréie wéi se der kréien, mä ech mengen net, datt deen heite Moment dee richtegen ass, fir esou eppes ze maachen.

Dofir wäerte mir eis och enthalen, well mer am Prinzip näscht géint déi Organisatioun hunn a fannen, datt déi soll Sue kréien, mä mir mengen, datt de falschen Zäitpunkt gewielt ginn ass an déi falsch Method.

M. le Président.- Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei awer festhalen, firwat dass mer déi Motioun eraginn hunn.

Wéi mäi Kolleeg Koepp dat gesot huet, si mer einfach der Iwwerzeegung, dass d'Amiperas méi een héije Subside brauch an datt dee relativ stagnéiert huet während deene leschte Joren.

A well och op de Kongresser vun der Amiperas ëmmer all Parteie present sinn an an d'Hänn klappen, wann d'Amiperas verlaangt fir ee méi héije Subside ze kréien, an och queesch duerch d'Land op Generalversammlunge klappen d'Député-mairen och ëmmer an d'Hänn, wa gesot gëtt: "Mir kucken, datt Der méi een héije Subside kritt", dofir wollt mer dat och emol eng Kéier hei ënner Beweis stellen, andeems mer des Motioun eraginn hunn, fir datt jidderee ka Fuerf bekennen an da vläicht vun haut un net méi ze fest an d'Hänn klappt op de Kongresser an de Generalversammlungen, wann dat vun der Amiperas verlaangt gëtt.

Une voix.- Den Här Gibéryen, dee klappt guer net.

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR). - Oh jo. Populismus ass, wann ech bei d'Amiperas an d'Versammlung ginn, do an d'Hänn klappen, an hei an der Chamber géint eng Erhéijung stëmmen.

M. le Président. - Ech mengen et huet elo jiddferee seng Meenung gesot. Mir stëmmen elo of.

Vote

Déi dofir sinn, stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Nee.

D'Motioun ass ofgeleent mat 34 Nee-Stëmmen, siwe Jo-Stëmmen an 19 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel).

Se sont abtenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

D'Wuert kritt elo d'Mme Minister Anne Brasseur fir den Dépôt vun engem Projet de loi. D'Mme Brasseur huet d'Wuert.

5. Dépôt d'un projet de loi

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports. - Merci, Här President. Duerch Arrêté grand-ducal vun haut sinn ech autoriséiert, ee Projet de loi ze déposéieren iwwert d'Situatioun vun de Chargé-de-coursen am Enseignement primaire. Des Weidere sinn ech autoriséiert, ee Projet de loi ze déposéieren iwwert d'Reforme de la division supérieure vum Enseignement secondaire.

- *Projet de loi 4893 portant*

1. fixation des modalités d'une formation offerte aux chargés de cours de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire;

2. création et organisation d'une réserve de suppléants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;

3. ajout d'un alinéa 2 à l'article 4 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

4. modification des articles 30 et 41 de la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire, et

- Projet de loi 4894 portant modification

1. de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, titre VI : de l'enseignement secondaire;

2. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue.

M. le Président. - D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun deenen zwee Projet-de-loien. Si ginn un de Statsrot weidergeleet.

D'Wuert huet elo nach den Här Jeannot Krecké gefrot.

6. Dépôt d'une motion par M. Jeannot Krecké concernant les dépassements de crédits

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, ech wëll am Numm vun der Kontrollkommissioun en Dépôt vun enger Motioun maachen, déi ënnerschriwwen ass vun de Représentantë vu fënnef Gruppéierungen hei an der Chamber. D'Sensibilité politique vun deene Lénken ass net représentiert. An där Motioun geet et u sech drëm, wat fir eng Prozedur mir eis an Zukunft gi bei den Dépassementer am Kader vum Artikel 99, dat heescht wann et drëms geet fir eng Konstruktioun ze maachen. Mir brauchen dat haut net ze diskutéieren. Ech maachen den Dépôt, fir datt jiddferee sech dat doheem ukucke kann, an dass mer dann, géng ech soen, bei der Rentrée heiriwwer ofstëmmen kënnen.

Motion

La Chambre des Députés

- considérant que la Chambre des Députés réunie en séance publique le 19 décembre 2000 a renvoyé à la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire une proposition de résolution de M. François Bausch relative aux dépassements de crédits;

- considérant que la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire a examiné la proposition de résolution, la problématique générale des dépassements, l'état financier des grands chantiers en cours ainsi que les termes de l'article 99 de la Constitution et de la législation sur la comptabilité de l'Etat au cours de plusieurs réunions;

- considérant que la Cour des Comptes, dans un avis du 22 mars 2001 estime que "tout dépassement du coût global prévu dans une loi spéciale adoptée en vertu de l'article 99 de la loi fondamentale doit être autorisé par